Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 7. Juni 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano** | |
| **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** | **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Gilles Mores** | **J.-Pierre Schnorbus** | |

## 1. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

Donneschdeg 8. Juni
17:00 Senioren Bunnen1-4 Seniorinnen Bunnen 5-8
19:00 Eenzel Hären Bunnen 1-4
21:00 Tandem Hären Bunnen 1-8
22:00 Tandem mixte Bunnen 1-8

Vu dass et kritesch gëtt mam Opschreiwen, haptsächlech am Tanddem mixte, hëllefen eis e puer Leit.

Am Tandem gëtt et pro Spiller 2 Trainingsklatzen pro Bunn.

D'Christiane bréngt fir e Samsdeg 9 Bouquetën Blummen fir d'Dammen mat.

Fir de Samsteg drop brauche mär 6 Bouquetën. **An engems brauche mär och nach 10 Bouquetën fir d'Coupefinal.** Och dës Bouquetën bréngt d'Christiane mat.

Vu dass d'Christiane e Samsdeg um 18:30 fortgoe misst, froe mär moar all d'Finalisten, op mär kéinten eng Stonn éischter ufänken.

Diskussioun iwwer di vill Ofmeldungen. Mär machen en Opruf fir e bësse méi Disziplin op der Generalversammlung de 16. Juni.

## 2. Ekippechampionnat 2023-2024

Nationaldivisioun: KSC Honnerter/Performance A
KSC Bourscheid A
Bieles 2000
KC Amicale Post A

Éierepromotioun: KSC Diddeleng
KSC Bourscheid B

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Barragemätch: KSC Honnerter/Performance B
KC Django
KC Amicale Post B
KC Bourscheid C

Promotioun: KSC Honnerter/Performance C
KSC Douanes et Accises
Joker 86
SKC Amicale 98

De Veräin vun Dampicourt huet eis matgedeelt, dass si och di next Saison nach net wärten deelhuelen.

### 3. GV vun der TKS vum 16. Juni

Reglementsännerung Punkt 18c:

> Um sich qualifizieren zu können, müssen alle Ausscheidungen gespielt werden. Bei einer verletzungsbedingten Aufgabe wird das erzielte Resultat gewertet.
>
> - bei mehr als 20 (16) Spielern: die besten 16 Spieler für das Viertelfinale.
> - zwischen 11 (9) und 16 Spielern: die besten 8 Spieler für das Halbfinale
> - bei weniger als 9 Spielern: die besten 4 für das Finale.

### 4. ISV zu Oberthal

Vu dass de Claude net ka mat goen, mëlle mar eng Dammen an 2 Härenekippen un. D'Fro stellt sech, op eng A an eng B oder 2 B.

Den nexte Mëttwoch (nach ze bestätegen) ass eng Versammlung vun de Coachen.

Op de Finallen kucken mär mat de Spiller wéi mär eis organiséieren.

### 5. Lory's Tandem-Cup zu Langenfeld

Fir Lëtzebuerg spillen d'Martine, d'Mandy, de Chris Fuchs an de Gilles Mores. Bezuelt gett eng Nuecht mat Jetonë.

Organisatioun: D'Spiller hu schons oder gebucht oder buchen nach (Gilles). D'Ufro fir d'Spesen ginn, esoubal wéi de Gilles bebucht huet, ugefrot.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 6. Verschiddenes

### a. International Mätcher

#### i. Saarland am Hierscht

De Gilles versicht den 28. Oktober ze kréien.

#### ii. Triangulaire

Op der Senioren-WM gouf mam Patrice Ferretti (FRA) mam Marc Authelet festgehalen, dass mär nees en Triangulaire spillen. Gespillt gëtt mat 6 Hären an 2 oder méi Dammen pro Ekipp.

Den 21. Oktober ass di éischt Editioun vun dëser Neioplag zu Dampicourt am Couarail mat 2 Dammen a 6 Hären pro Ekipp. Et soll versicht ginn, d'Dammen an e Mixteblock ze setzen.

#### iii. Holland

Mär schécken den Hollänner eng Invitatioun fir de 27. Abrëll 2024.

### b. Senioren-WM : Fazit

Positiv woar dass d'Marcelline an de Claude de Congé sportif schons virun der WM akkordéiert kritt haten.

D'Stëmmung an d'Resultater mat enger Sëlwer- a 5 Bronzemedaillen sinn och gudd gewiecht.

Schlecht ass, dass dat di lescht WM woar, wou op Keele gespillt ginn ass. Di next WM gëtt mat 80 Klatzen an op Punkte gespillt. Mär hunn eis géint di Ännerungen gewiert, goufen awer iwwerstëmmt.

Di next Senioren-WM soll vum 6-.11. August zu Eygelshoven sinn.

### c. City Concorde

Et gi 7 Bowlingbunnen an der City Concorde gebaut, also keng Keelebunnen.

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

**d. Datumer am Sport**

Den Uwe gouf gefrot wirwat d'Halleffinallen net Samsdegs an d'Finalle Sonndes sinn, esou wéi dat virun enger etlecher Zäit emol woar. Zesumme mam Kalënner vun den aneren Sektiounen ass dat ganz schwiereg. An der Zwëschenzäit ass jo mam Classic nach eng Sektioun derbäi komm. Dernierwt passe mär op, fir de Péngschtsasmdeg a Mammendag netz e spillen. Falls awer eng Majoritéit dëst wëll, musse mär mat der TKN Arrangementer treffen.

Eis next Versammlung leeë mär op der GV vum 16. Juni fest.

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952